



Millebaach, den 29. August 2020



27. September 2020

Hierschttour
Randonnée „Serge Krier“

· Veteran & Vintage Car Club Luxembourg ·

Léif Memberen,

Als lescht Geleeënheet dëst Joer awer nach zesummen op den Tour ze goen invitéiert de Comité äch häerzlechst den 27. September 2020 un onsem traditionellen Hierschttour deelzehuelen.

Bedéngt duerch Corona gëtt dëst e bëssen e speziellen Hierschttour, liest d'Detailer an d'Reegelen w.e.g. um annexéiertem Blat.

No ärer fräier Ufaart ass ab 11.30 Auer Rendezvous beim Restaurant Gulliver zu Käerjeng. Hei iessen mär am Respekt vun allen gëltegen Corona Reegelen zesummen zu Mëtteg.

- Apero Crémant servi à table
 - Menu à composer individuellement
- Entrées :
- A Les gnocchis à la sorrentina
 - B L'assiette de crudités de saison
- Plats :
- 1 Le rôti de veau et son jus ; gratin dauphinois, ratatouille, chicon braisé et tomate provençale
 - 2 Les filets de dorade en papillote, pommes vapeur
 - 3 Le duo de pâtes végétariennes ; tagliatelle al pesto et agnolotti de ricotta épinards sauce napolitaine
- Dessert : Tiramisu

Fir äch unzemellen iwwerweist w.e.g. 45 € pro Persoun op dem VVCL säin CCP LU92 1111 0041 6288 0000 mam Vermierk : RSK 2020. Där musst um Virement äre Choix fir de Menü uginn, zum Beispill A1 oder B3 oder A3 + B2. Ofgesinn vum Cremant geet all Gedränk op eegen Rechnung.

Fir datt de Restaurant d'Corona Reegelen respektéiere kann ass d'Unzuel u Leit op 88 limitéiert. D'Reiefolleg vun den Iwwerweisungen op onsem CCP ass ausschlaggebend.

Umeldetermin: spëtstens den 18. September 2020

Falls mär duerch verschärften Corona Reegelen den Tour (erëm) mussen ofsoen kritt natierlech jiddwereen seng Suen erëm.

Mat beschte Gréiss, am Numm vum Comité

Claude Schwartz
Sekretör

D'Adress vum Daag:

Hotel - Restaurant Gulliver
58 Rue Nicolas Meyers, 4918 Käerjeng



www.gulliver.lu

Wichteg Informatioun :

Mär wëllen äch elo schonn informéieren datt de Comité decidéiert huet fir d'Joer 2021 keng Cotisatioun opzehiewen. Är Cotisatioun fir d'Joer 2020 zielt och fir d'Joer 2021.

Mär bieden dann och déi Leit déi hier **Cotisatioun 2020** nach net bezuelt hunn dëst sou séier wéi méiglech nozehuelen fir datt de Keessjee dat ofschléisse kann.